

DE BUET

télévie

RÉCKBLÉCK
JANUAR-ABRÉLL
2025

GEMENG

KÄERCH

TELEFONSBUCH VUN DER GEMENG

Administration communale de Koerich

2, rue du Château L-8385 Koerich

☎ 288 355 200 / info@koerich.lu / www.koerich.lu

COLLÈGE ÉCHEVINAL

college-echevinal@koerich.lu

WIRTH Daniel, Bourgmestre
☎ 288 355 224 / 621 242 580

WELU Norbert, Échevin
☎ 621 276 333

ANDRICH Mary-Jo, Échevine
☎ 621 191 212

SECRÉTARIAT COMMUNAL

secretariat@koerich.lu

LECOQ Patrick
Secrétaire communal
☎ 288 355 231
patrick.lecoq@koerich.lu

EPSTEIN Tim
☎ 288 355 223
tim.epstein@koerich.lu

REINERTZ Nathalie
☎ 288 355 245
reinertz.nathalie@koerich.lu

RESSOURCES HUMAINES

AUMASSON Fabienne
☎ 288 355 236
fabienne.aumasson@koerich.lu

RECETTE COMMUNALE

recette@koerich.lu

SCHLUNGS Anne-Marie
Receveur communal
☎ 288 355 222
anne-marie.schlungs@koerich.lu

TREINEN Alfred
☎ 288 355 235
alfred.treinen@koerich.lu

BUREAU DE LA POPULATION ETAT CIVIL, SERVICE SCOLAIRE

population@koerich.lu

CLOOS Monique
☎ 288 355 227
monique.cloos@koerich.lu

MAAR Mireille
☎ 288 355 228
mireille.maar@koerich.lu

ACCUEIL

TANG Céline
☎ 288 355 243
celine.tang@koerich.lu

MANGEN Pascale
☎ 288 355 229
pascale.mangen@koerich.lu

RELATIONS PUBLIQUES

communication@koerich.lu

TARANTINI Cindy
☎ 288 355 221
cindy.tarantini@koerich.lu

FREYMANN Chris
☎ 288 355 237
chris.frey mann@koerich.lu

SERVICE TECHNIQUE

technique@koerich.lu

RODESCH Steve
Chef service
☎ 288 355 220
steve.rod esch@koerich.lu

LEICK Alexandra
☎ 288 355 238
alexandra.leick@koerich.lu

ATELIER TECHNIQUE

atelier@koerich.lu
Rue de la Montagne, Koerich

LEICHTENBERG Jerry
Chef d'équipe
☎ 691 399 202

SERVICE DE MÉDIATION

☎ 621 426 905
mediation@koerich.lu

MAISON DES JEUNES

☎ 26 108 309
7, Rue de l'École L-8358 Goeblange

GARDE - FORESTIER

LOUIS Ben
☎ 247 56 540 / 621 202 140
ben.louis@anf.etat.lu

ECOLE CENTRALE

SCHETTINI Damiano
Concierge
☎ 288 355 300
damiano.schettini@koerich.lu
1, Neie Wee L-8385 Koerich

MAISON RELAIS

RECHT Philippe
Responsable
philippe.recht@croix-rouge.lu
☎ 288 355 348
relais.koerich@croix-rouge.lu
1, Neie Wee L-8385 Koerich

AGENTS MUNICIPAUX

ordrepubli c@koerich.lu

Heures d'ouverture de l'administration

Lundi, mardi, jeudi et vendredi
de 8h30 à 12h00
et de 13h00 à 16h00

Mercredi
de 8h30 à 12h00
et de 13h00 à 19h00

*Nous vous invitons à prendre
rendez-vous en contactant
directement le service concerné.*

Interventions d'urgence

en dehors des heures d'ouverture

SERVICE DE RÉGIE:

☎ 691 399 202

Comptes bancaires:

CCPL: LU71 1111 0077 1350 0000

BCEE: LU33 0019 2601 0319 3000

CCRA: LU02 0090 0000 0203 1631

BILL: LU43 0026 1021 5620 0000

BGLL: LU18 0030 4447 5746 0000

SOMMAIRE

EDITO	02
FÄERDEG PROJETEN	04
LAFEND PROJETEN	08
AVIS À LA POPULATION	10
KOMMISSIOUNEN STELLEN SECH VIR	
Kommissioun vum Zesummeliewen	12
Kommissioun vum drëtten Alter	14
INTERVIEW	
Eng Bréck tëscht der Maison Relais an dem Jugendhaus	16
JUGENDHAUS	18
KÄERCHER VERÄINER STELLEN SECH VIR	
Käercher Schlassfrënn	20
Senioren Treff	23
RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN	
Après-ski Télévie	24
Neijoerschpatt Gemengepersonal	25
Jump the castle	26
Raclette open air	28
Spill nomëtten	30
Kaffisstuff Télévie	31
Afterwork Télévie	32
Virtrag Myguichet.lu	33
Brennholz Stee	34
Weltfraendag, Derrière les chiffres	36
Buergbrennen	38
Auditioun UGDA	40
Nuetskavalkad Käerch	42
Sportleréierung	46
Afterwork Télévie	47
Grouss Botz	48
Fir den Télévie duerch d'Welt	50
Promi Dinner	52
Tournoi Maison Relais	54
Excursioun Maastricht	55
Carwash fir den Télévie	56
De Käercher Ouschter (Grotte) Kick	57
Kannerlaaf fir den Télévie	58
Charity-Bike fir den Télévie	59
Springrun fir den Télévie	60
Pub Quiz Owend am Duerfkessel	61
Téléviedag	62

EDITO

LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER

LU

Mat dëser Editioun vum Buet werfe mir e Bléck op déi wichtegst Entwécklungen an eise leschte Méint an op déi Projeten, déi eis an nächster Zukunft erwaarden.

An de leschte Méint huet de Gemengerot de Budget 2024 regulariséiert an de Budget 2025 eestëmmeg ugeholl. Donieft goufen eng Rei wichteg Decisiounen an Investitiounen fir eis Gemeng getraff. Gestëmmt gouf ënner anerem de Projet fir eng Wäschstatioun fir Vëloen, déi op der Camperplaz zu Käerch installéiert gëtt, d'Subventioun fir d'Schnéischnäppchen an d'Heckeschneiden, souwéi d'Locatioun vun eise Spullwoon an eiser Buvette. D'Vergrësserung vum Parking zu Giewel gouf finaliséiert an den Ëmbau vum ale Gemengenhais ass esou gutt wéi ofgeschloss.

D'Zukunft bréngt eng Rei nei Projete mat sech. De Festsall zu Gëtzen gëtt vergrëssert a kritt zwee zousätzlech Versammlungsraum fir eis Veräiner a Kommissiounen, souwéi eng PMR-gerecht Gestaltung. D'Jugendhaus zu Giewel gëtt och frësch gemaach, fir de jonke Leit eng optimal Plaz ze bidden. Fir de Juni ass eng Informatiounsversammlung geplangt, wou mir eise Bierger d'Pläng fir d'Neigestaltung vun der Gemengeplaz, d'Verwendung vun der Kierch zu Gëtzen, de Neibau vun der Maison Relais an den Ausbau vun der Schoul an der Precocé virstellen. De genauen Datum gëtt nach publizéiert.

E wichtegen Deel vum Gemengeliewen ass och d'Verstärkung vun eise Personal. Mir begrëssen d'Nathalie Reinertz am Sekretariat, d'Alexandra Leick am Service Technique, de neien Elektriker Ryan Teixeira, de neie Gäertner Christophe Roeltgen an de neie Steemetzer Rafael Carvalho, déi ab elo d'Equipe vun der Gemeng verstärken.

Besonnenesch frou si mir iwwert de groussen Erfolleg vum Télévie 2025, dee mir dëst Joer als «Centre de promesses» begleet hunn. D'Veräiner, d'Kommissiounen, d'Entreprises an eng ganz Rei Fräiwëlleger hu mat engem bewonnerenswäerten Engagement dozou bäigedroen, dass déi verschidde Veranstaltungen e staarkt Zeeche vu Solidaritéit gesat hunn. E grouse Merci un den Organisatiounscomité Télévie Käerch an un all déi, déi dëse Projet ënnerstëtzt hunn. Vill Spaass beim Liese vum Buet!

DANIEL WIRTH
Buergermeeschter

CHERS CONCITOYENNES ET CONCITOYENS

FR

Avec cette nouvelle édition du Buet, nous vous proposons un aperçu des développements majeurs de ces derniers mois, ainsi qu'un regard sur les projets qui nous attendent dans un avenir proche.

Au cours des derniers mois, le Conseil communal a régularisé le budget 2024 et adopté à l'unanimité le budget 2025. Plusieurs décisions importantes ont également été prises dans l'intérêt de notre commune : le projet d'une station de lavage pour vélos qui sera installée près de l'aire de camping à Koerich, la subvention pour le déneigement et la taille des haies, ainsi que la location de notre remorque de vaisselle et de notre buvette ont été approuvés. L'agrandissement du parking à Goebange a été finalisé et les travaux de transformation de l'ancien bâtiment communal sont quasiment terminés.

L'avenir s'annonce tout aussi actif avec de nouveaux projets à venir : la salle des fêtes à Goetzingen sera agrandie et dotée de deux salles de réunion supplémentaires pour nos associations et commissions, avec un aménagement accessible aux personnes à mobilité réduite. La maison des jeunes à Goebange sera également rénovée afin d'offrir un lieu adapté aux besoins des jeunes. Une réunion d'information est prévue en juin, au cours de laquelle nous présenterons à nos citoyens les plans pour le réaménagement de la place communale, l'utilisation future de l'église de Goetzingen, la construction de la nouvelle Maison Relais et l'extension de l'école et de la précocé. La date exacte sera communiquée prochainement.

Un autre aspect essentiel de la vie communale est le renforcement de notre équipe. Nous souhaitons la bienvenue à Nathalie Reinertz au secrétariat, Alexandra Leick au service technique, Ryan Teixeira en tant qu'électricien, Christophe Roeltgen en tant que jardinier et Rafael Carvalho en tant que maçon. Tous viennent renforcer dès à présent les effectifs de la commune.

Nous sommes particulièrement heureux du grand succès de l'édition 2025 du Télévie, que nous avons eu l'honneur d'accompagner cette année en tant que « Centre de promesses ». Les associations, commissions, entreprises et de nombreux bénévoles ont contribué avec un engagement remarquable à faire de ces événements de véritables symboles de solidarité. Un grand merci au comité d'organisation du Télévie Koerich et à toutes celles et ceux qui ont soutenu ce projet. Bonne lecture du Buet !

DANIEL WIRTH
Bourgmestre

EDITO

DEAR FELLOW CITIZENS

EN

With this edition of the Buet, we take a look back at the key developments of the past few months and share an outlook on the projects that lie ahead.

In recent months, the municipal council has regularized the 2024 budget and unanimously adopted the 2025 budget. Several important decisions and investments were made for the benefit of our municipality, including the approval of a bicycle washing station to be installed at the Koerich campsite, subsidies for snow removal and hedge trimming, as well as the rental of our dishwashing trailer and refreshment stand. The expansion of the parking area in Goebblange has been completed, and the renovation of the old municipal building is nearly finished.

Looking ahead, several new projects are in the pipeline. The community hall in Goetzingen will be extended and equipped with two additional meeting rooms for our associations and commissions, as well as an accessible design for people with reduced mobility. The youth center in Goebblange will also be refreshed to provide a welcoming space for our young residents.

An information meeting is planned for June, during which we will present the redesign of the municipal square, the future use of the church in Goetzingen, the construction of the new Maison Relais, and the expansion of the school and the early childhood facilities. The exact date will be announced soon.

Strengthening our staff is also a key part of communal life. We warmly welcome Nathalie Reinertz to the secretariat, Alexandra Leick to the technical service, Ryan Teixeira as our new electrician, Christophe Roeltgen as our new gardener and Rafael Carvalho as our new stonemason. They all join and reinforce our municipal team as of now.

We are especially proud of the great success of Télémie 2025, which we had the honour of supporting this year as a «Centre de promesses.» Associations, commissions, companies and many volunteers contributed with admirable commitment to making these events a true symbol of solidarity. A heartfelt thank you to the Télémie Koerich organising committee and to all who supported this meaningful initiative.

Enjoy reading this edition of the Buet!

DANIEL WIRTH
Mayor



LU

DE BUERGERMEESCHTER HUET EN OUER FIR IECH!

all 2. Samschdeg moies
vun 9.30 bis 11.30 Auer
ausser während de Schoulvakanten

07. 06. 2025
21. 06. 2025

D'Sitzunge vum Schäfferot sinn ëmmer
Méindes ab 08:30 Auer.
citoyen@koerich.lu

FR

LE BOURGMESTRE À VOTRE ÉCOUTE!

un samedi matin sur deux
de 9h30 à 11h30
sauf pendant les vacances scolaires

07. 06. 2025
21. 06. 2025

Les séances du collège échevinal
ont lieu tous les lundis à 8h30.
citoyen@koerich.lu

EN

THE MAYOR AT YOUR SERVICE!

every other Saturday morning
from 9:30 a.m. to 11:30 a.m.
except during school holidays

07. 06. 2025
21. 06. 2025

The sessions of the college of aldermen take
place every Monday at 8:30 a.m.
citoyen@koerich.lu



FÄERDEG PROJETEN

PERIOD Januar - Abrëll

AARBECHTEN AM ALE GEMENGENHAUS

LU

D'Aarbechten un den neie Büroen am Rez-de-Chaussée an um éischte Stack si fäerdeg.

Elo geet et weider: D'Reamenagementsaarbechten um zweete Stack hunn ugefaangen, genee wéi d'Aarbechte fir eng nei Toiture. Am Kader vun der energieetescher Sanéierung gëtt den Dach komplett erneiert.

FR

Les travaux d'aménagement des nouveaux bureaux au rez-de-chaussée et au premier étage sont achevés.

La prochaine étape est en cours : les réaménagements du deuxième étage ont débuté, ainsi que les travaux de toiture. Dans le cadre de l'assainissement énergétique, la toiture sera entièrement renouvelée.

EN

The work on the new offices on the ground floor and first floor has been completed.

The next phase is now in progress: the refurbishment of the second floor has begun, along with roofing work. As part of the energy renovation, the roof will be completely replaced.

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Gemengenhaus

FÄERDEG PROJETEN

PERIOD Januar - Abrëll

PARKING GIEWEL

LU

D'Gemeng Käerch huet de Parking zu Giewel komplett nei amenagéiert. Fir de Besoine vun de Bierger entgéintzekommen, gouf de Parking vergréissert a funktionell gestalt. D'Aarbechte sinn elo ofgeschloss, an de Parking ass fir jidderee verfügbar.

FR

La Commune de Koerich a entièrement réaménagé le parking à Goeblange. Afin de mieux répondre aux besoins des citoyens, le parking a été agrandi et rendu plus fonctionnel. Les travaux sont terminés et le parking est accessible à tous.

EN

The Municipality of Koerich has fully redeveloped the parking area in Goeblange. To better meet the needs of the citizens, the parking has been expanded and made more functional. The works are completed and the parking is open to all.



Service relations publiques



Service relations publiques



Giewel

FÄERDEG PROJETEN

PERIOD Januar-Abrëll

IWWERDAACH GEMENGENATELIER

LU

Um Site vum Atelier gouf en neien Iwwerdaach gebaut, fir dem Fierschter seng Maschinnen an säin Aarbechtsmaterial besser ze schützen. Doduerch stinn déi wichteg Gefierer a Maschinnen elo dréchen a sécher, och bei Reen a schlechtem Wieder.

FR

Un nouvel auvent a été construit sur le site de l'Atelier afin de mieux protéger les machines et le matériel de travail du forestier. Les véhicules et équipements importants sont désormais à l'abri et restent en bon état, même en cas de pluie ou de mauvais temps.

EN

A new shelter has been built at the Atelier site to better protect the forester's machinery and work equipment. The important vehicles and machines are now sheltered and remain in good condition even during rain or bad weather.



 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Gemengenatelier



FÄERDEG PROJETEN

PERIOD Januar - Abrëll

SPILLPLAZ SCHOUL

LU

D'Spillplaz beim Schoukkomplex ass fäerdeg amenagéiert ginn. Déi nei Installatiounen bidden de Kanner elo nach méi Méiglechkeeten, sech fräi ze beweegen an zesummen ze spillen.

FR

L'aire de jeux du complexe scolaire a été réaménagée. Les nouvelles installations offrent désormais aux enfants encore plus d'espaces pour bouger librement et jouer ensemble.

EN

The playground at the school complex has been redeveloped. The new facilities now offer children even more space to move freely and play together.

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch



LAFEND PROJETEN

PERIOD Januar - Abrëll

AARBECHTEN AN DER MONTÉE ST. HUBERT

LU

An der Montée St. Hubert ass d'Verleeung vun de Reewaasser- an Ofwaasserleitungen ofgeschloss ginn an domat och den Uschluss vun de private Parzellen un déi nei Leitungen. Parallel dozou huet d'Verleeung vun de sougenannte „dréchenen Netzer“ (Stroum, POST an Telekommunikatioun) ugefaangen.

FR

Dans la Montée Saint Hubert, la pose des nouvelles conduites d'eau pluviale et d'eau usée a été finalisée, y compris le raccordement des branchements particuliers aux nouveaux réseaux. Parallèlement, la pose des réseaux secs (électricité, POST et télécommunications) a débuté.

EN

In Montée Saint Hubert, the installation of the new stormwater and wastewater pipelines has been completed, including the connection of private property service lines to the new networks. In parallel, the installation of the dry networks (electricity, POST, and telecommunications) has begun.

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch

LAFEND PROJETEN

PERIOD Januar - Abrëll

AARBECHTEN AN DER ALER POST ZU KÄERCH

LU

D'Réibauarbechte si bal ofgeschloss, an d'Struktur vum Gebai ass gréisstendeels fäerdeg.

De Projet geet reegelméisseg virun.

FR

Les travaux de gros-œuvre sont en phase de finalisation, et la structure du bâtiment est désormais achevée dans ses grandes lignes.

Le projet progresse régulièrement.

EN

The structural works are nearing completion, and the building's framework is largely finished.

The project is progressing steadily.



 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch

AVIS À LA POPULATION



SUBVENTIOUN FIR HECKE SCHNEIDEN

LU

Wien ka profitéieren?

Persounen, ab 65 Joer.

Persounen, déi als «personne dépendante» unerkannt sinn.

Wat gött ënnerstëtzt?

Hecke schneiden, di laanscht eng Strooss
oder en Trottoir sinn.

Subventioun: 10,00 € pro Aarbechtsstonn
(Maximum 250,00 € pro Stot an engem Joer).

Wéi kann ech mech mellen?

Deadline:

Den 1. Mäerz vum Joer no deem, wou d'Subventioun
gebraucht gëtt.

Formulaire: Kritt een online oder am Gemengenhais.

Néideg Dokumenter:

Rechnung, Preuve de Paiement, Bankdate vum Demandeur
a falls néideg ee «certificat de dépendance».



GAARDEMASCHINNEN ZÄITRAIM RESPEKTÉIEREN

LU

Mir erënnere drun, dass den Asaz vun haarde Gaarde-
maschinen (wéi z.B. Méimaschinen) bannent der Uertschaft
nëmme vun 8:00 bis 20:00 Auer (méindes bis samschdes)
erlaabt ass. Sonndes a Feierdeeg ass den Asaz vun dëse
Maschine verbueden. Merci fir dëst ze respektéieren.

SUBVENTION TAILLE DES HAIES

FR

Qui peut bénéficier ?

Personnes à partir de 65 ans.
Personnes reconnues dépendantes.

Quelles prestations sont couvertes ?

Taille des haies longeant la voirie.

Montant de la subvention:

10,00 € par heure de travail facturée
(max. 250,00 € par ménage par an).

Comment faire ?

Date limite:

Le premier mars de l'année suivant
celle pour laquelle la subvention est demandée.

Formulaire: Disponible en-ligne ou auprès de la commune.

Documents nécessaires:

Facture, preuve de paiement, coordonnées bancaires
et si nécessaire: certificat de dépendance.

SUBSIDY FOR HEDGE TRIMMING

EN

Who can benefit?

Individuals aged 65 and over
Individuals officially recognized as dependent

What services are covered?

Trimming of hedges along public roads

Amount of the subsidy:

€10.00 per billed hour of work
(maximum €250.00 per household per year)

How to apply?

Deadline:

March 1st of the year following the one for which the subsidy is
requested

Application form: Available online or at the municipal Office

Required documents:

Invoice, Proof of payment, Bank details
If applicable: certificate of dependency

APPAREILS DE JARDINAGE RESPECT DES HORAIRES

FR

Nous rappelons que l'utilisation d'appareils de jardinage
bruyants (comme les tondeuses à gazon) est autorisée en aggro-
mération uniquement entre 8h00 et 20h00, du lundi au samedi.
Leur usage est interdit les dimanches et jours fériés. Merci de
respecter la tranquillité du voisinage !

GARDEN EQUIPMENT: RESPECTING TIME LIMITS

EN

We remind you that the use of noisy gardening equipment (such
as lawnmowers) is allowed in built-up areas only between 8:00
a.m. and 8:00 p.m. from Monday to Saturday. It is prohibited on
Sundays and public holidays. Thank you for respecting the neigh-
borhood's peace and quiet!

KOMMISSIONEN

D'KOMMISSION VUM DRËTTEN ALTER stellt sech vir

Président: Nicole Neuen

Secrétaire: Danièle Boullung

Memberen: Andrich-Godart Mariette

Nockels Henriette, Schumacher-Nothum Annette

Welu Norbert, Wies-Moes Pierrette, Schroeder Max

LU

Den 22. Februar 2024 souz eis Kommissioun déi éischte Kéier zesumme fir iwwert eis Projeten an Iddien ze schwätzen. Deemools ware mir zu 7 haut si mir zu 8 Memberen, an eis Kommissioun kéint nach eng Persoun ophuelen.

Eis Zilsetzung war fir den eeleren Awunner aus eiser Gemeng Eppes ze bidden: esou zum Beispill Formatiounen iwwert den Ëmgang mam Handy, Tablet souwéi Computer. Mir sinn dunn op Sich gaange fir esou en Ubidder ze fannen an hate mat GoldenMe de richtege Partner fonnt.

Dëst ass eng Organisatioun vu jonken Universitét 's Leit déi sech als Zil gesat hunn anere Leit ze hëllefen déi digital Welt ze entdecken. Duerch ganz Land bidden si an de Gemenge Formatiounen a Virträg un. Eeler Generatiounen hunn oft méi Schwierigkeeten, ewéi d'Jugend vun Haut fir mat digitale Geräter ëmzegoen. (déi hunn den Handy schonns an der Weiche leien).

GoldenMe gëtt ënnerstëtzt vum Ministère de la Famille. Hir Weiterbildung's Offere bestinn haaptsächlech aus dem Smart Café, dem Smart Talk, dem Smart Workshop a séit etlecher Zäit bidden si och Powerpoint Virträg iwwert den "myguichet.lu." un. Mir haten si elo schonn 3 mol an eis Gemeng agelueden a krute vun de Leit, déi drun deel geholl hunn, ëmmer e positive Feedback. Mir géifen eis eng weider Zesummenaarbecht mat GoldenMe wënschen, domat kéinte mir eis eeler Generatioun weider an der digitaler Welt ënnerstëtzen. Mir freeën eis awer och iwwert de Besuch vu jonke Leit.

Eis Iddie vu weidere flotten Evenementer ginn eis net aus, an dofir si mir weiderhi fläisseg amgaang ze plangen an ze organiséieren. Bei der Seniorenfeier, déi all Joer am Dezember stattfënnt, hu mir der Kärcher Gemeng och dierfe bei der Gestaltung vum Fest hëllefen.

Des Weideren hu mir eppes Grousses op d'Bee gestallt: en Nuetsmaat hei zu Kärch! Sait Méint war eis Kommissioun domat beschäftegt, Aussteller ze fannen – an dat mat grousssem Erfolg. Fir Essen a Gedrénks war natierlech och gesuergt, an och un Animatioun fir Kleng a Grouss huet et net gefeelt.

Mir hunn eis immens gefreet, dëse flotten Owend de 16. Mee 2025 zesumme mat iech ze verbréngen. Den Nuetsmaat huet sech vun der Gemengeplaz bis laanscht d'Schlassmauer gezunn a fir eng gemittlech, lieweg Atmosphär gesuergt.

Ervirhiewe wëlle mir och déi exzellent Zesummenaarbecht mat eiser Gemeng an e groussen MERCI soe souwuel dem bürokratesche wéi och dem technesche Service – ouni iech wier dat net méiglech gewiescht!

E weidert flott Evenement hu mir fir de 15. Juni 2025 am Festsall zu Kärch geplangt. En Thé Dansant fënnt ob dësem Sonndeg statt, wou de Roll Girres zesumme mam Lisa Mariotto fir Stëmmung wäerte suergen.

Nach weider flott Iddie wäerte mir an Zukunft ausschaffen, plangen an organiséieren an hoffen dëst och weiderhin am Sënn vun eisen Awunner vun der Gemeng Kärch.





Kommissioun vum drëtten Alter

Kommissioun vum drëtten Alter

FR

Le 22 février 2024, notre commission s'est réunie pour la première fois afin de discuter de nos projets et idées. Au début, nous étions 7 membres, aujourd'hui, nous sommes 8, mais nous pourrions cependant encore accueillir une personne.

Notre objectif était d'apporter quelque chose aux résidents âgés de notre commune, par exemple en organisant des formations sur l'utilisation du téléphone portable, de la tablette et de l'ordinateur. Nous nous sommes mis en quête d'offres adaptées et avons trouvé un bon partenaire avec GoldenMe.

Cette organisation, composée de jeunes universitaires, s'est fixé comme objectif d'aider d'autres personnes à découvrir le monde numérique. À travers tout le pays, GoldenMe propose aux communes des formations et des conférences. La génération plus âgée rencontre souvent des difficultés à s'adapter aux appareils numériques, tandis que la "jeunesse d'aujourd'hui" les maîtrise dès son plus jeune âge.

GoldenMe est soutenue par le Ministère de la Famille. Leur offre de formation se concentre principalement sur le Smart Café, le Smart Talk et le Smart Workshop. Depuis un certain temps, ils proposent des conférences PowerPoint sur "myguichet.lu".

Nous avons déjà organisé trois sessions dans notre commune et avons reçu des retours très positifs de la part des participants. Nous nous réjouissons de continuer cette collaboration avec GoldenMe dans l'avenir pour offrir des formations à notre génération plus âgée mais soulignons que nos jeunes sont aussi les bienvenus.

Nous ne manquerons pas d'idées, c'est pourquoi nous continuons à planifier et organiser activement. Lors de la fête des seniors, qui a lieu chaque année en décembre, nous avons eu l'opportunité d'aider la commune à organiser l'événement.

Nous avons envisagé quelque chose d'ambitieux... et nous l'avons fait ! Le marché nocturne à Koerich a bien eu lieu le 16 mai 2025, et ce fut une belle réussite. Pendant des mois, notre commission s'est investie à la recherche d'exposants – et nos efforts ont porté leurs fruits.

Des stands ont ravi petits et grands, avec de quoi se régaler et s'amuser tout au long de la soirée. Le marché s'est étendu de la place de la commune jusqu'aux abords du mur du château, créant une ambiance chaleureuse et festive. Nous tenons à remercier chaleureusement la commune pour sa précieuse collaboration, ainsi que les services administratifs et techniques pour leur soutien indispensable.

Nous souhaitons également exprimer un grand MERCI à la commune pour l'excellente collaboration, ainsi qu'aux services administratifs et techniques pour leur soutien.

Un autre événement à ne pas manquer est prévu pour le 15 juin 2025 dans la salle des fêtes à Koerich. Un Thé Dansant aura lieu ce dimanche, où Roll Girres et Lisa Mariotto assureront l'ambiance. D'autres belles idées seront développées, planifiées et organisées à l'avenir et nous espérons continuer d'agir dans l'intérêt de nos habitants de la commune de Koerich.



ENGLISH

KOMMISSIONEN

D'KOMMISSIOUN VUM ZESUMMELIEWEN *stellt sech vir*

Président: Theo Grün

Secrétaire: Danièle Boullung

Memberen: Ann Olmes, Liane Otto, Vanessa Fernandes Cavaco, Annette Mousel-Lenning, Agnieszka Polednia, Michel Silva Sousa, Karin Simon



LU

D'Kommissioun vum Zesummeliwwen aus der Gemeng Käerch, déi aus 9 Membere besteet, huet et sech zum Ziel gemaach d' 'Zesummeliwwen an der Gemeng ze verbesseren. Mir wëlle keng Grenzen tëscht Nationalitéiten, Jonk, Al, Grouss a Kleng. Jidderee kann aktiv um Zesummeliwwen zu Lëtzebuerg, an an eiser schéiner Gemeng matwierken an Deel huelen.

D'Kommissioun vum Zesummeliwien trëfft sech an deem Sënn reegelméisseg an diskutéiert Themen ewéi Inclusioun vun alle Gemeengebierger, Lëtzebuurger Sproochefërderung, Anti-Rassismus, Anti-Diskriminatioun, Integratioun vun den neie Gemeenge- Awunner, asw.

An genau aus deem Grond huet eis Kommissioun och schonn am September 2024 en éischt Fest organiséiert, den “MEET & GREET”. Déi nei Awunner, grad sou wéi déi Awunner déi scho méi laang an der Gemeng wunne waren häerzlech ob deem Event Wëllkomm. Ausserdeem haten d’Veräiner vun der Gemeng och d’Geleeënheet, sech deem Dag virzestellen. Den Highlight vun deem Dag war awer kloer, dass d’Awunner e guidéierten Tour mat engem Oldschool Londoner Doppeldecker-Bus duerch d’Gemeng maache konnten. Wéi cool war dat dann!?!

D'Iddi hannert deem "MEET & GEET" war et déi néi Matbierger an déi agesiessen Awunner vun der Gemeng zesummen ze feieren. An och 2025 steet rëm een "MEET & GREET" um Programm, geplangt ass e fir de 14. September. Also verhaalt iech dat scho mol.

D’Kommissioun vum Zesummeliewen engagéiert sech awer och a Beräicher wou et net ëmmer flott zougeet. Sou huet eis

Kommissioun am Kader vum Weltfraendag, den 8. Mäerz, an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Käerch an der Fondation Maison de la Porte Ouverte, d'Ausstellung „Derrière les chiffres“ am Gemengenhaus zu Käerch organiséiert. Des Ausstellung, vun der Illustratorin Fanny Vella, erënnert un d'Fraen déi Affer vu Femizid goufen. D'Ausstellung ass en Hommage un d'Fraen, d'Duechteren an d'Frëndinnen déi hannert de Statistiken stinn an ass dowéinst e wichtegt Erënnerungszechen.

Den 30. Mäerz 2025 hat eis Kommissioun rëm ee méi flotte Grond fonnt fir d'Bierger aus der Gemeng zesummen ze bréngen! Am Kader vum Télévie, wou eis Gemeng jo dëst Joer e Centre de promesse ass, huet eis Kommissioun e Buffet nom Motto „Fir den Télévie duerch d'Welt“ op d'Bee gestallt. D'Bierger haten do d'Méiglechkeet Spezialitéiten aus verschiddene Kulturen, wéi Lëtzebuergesch, Franséisch, Griichesch, Portugisesch, Polnesch, Rumänesch, Indesch, etc. ze schmaachen. De kompletten Erléis vun deem Event ass un den Télévie gespent ginn.

Och fir d'Zukunft huet eis Kommissioun vill flott Iddien an Ambitiounen, loosst iech iwwerraschen.

Wann dir Froen hutt oder eppes wëllt mat eiser Kommissioun deelen, kennt dir eis ganz einfach iwwer E-Mail communication@koerich.lu erreechen oder mat ärer Fro oder Uleies ob d'Gemeng selwer goen, déi eiser Kommissioun et da weider leeden.



ENGLISH

FR

La Commission du Vivre-Ensemble de la commune de Koerich, composée de 9 membres, s'est fixée comme objectif d'améliorer la convivialité au sein de la commune. Nous voulons abolir les frontières entre Luxembourgeois, non-Luxembourgeois, jeunes, vieux, grands et petits. Un chacun peut activement contribuer au vivre-ensemble au Luxembourg et dans notre belle commune.

La Commission du Vivre-Ensemble se réunit ainsi de manière régulière pour échanger sur divers sujets, dont notamment l'inclusion de tous les citoyens de la commune, la promotion de la langue luxembourgeoise, l'antiracisme, l'anti-discrimination, l'intégration des nouveaux citoyens de la commune, etc.

C'est ainsi que la Commission du Vivre-Ensemble a déjà organisé son premier événement en septembre 2024: le « MEET & GREET ». Les nouveaux citoyens et les citoyens de longue date ont été accueillis chaleureusement à cet événement durant lequel les associations de la commune se sont présentées. Le clou de l'événement était une visite guidée des plus beaux coins de la commune dans un ancien bus londonien à deux étages. Une belle expérience, n'est-ce pas ?

L'idée du « MEET & GREET » était de réunir les nouveaux citoyens et les citoyens de longue date de la commune. Le prochain « MEET & GREET » est déjà en cours de planification et aura lieu le 14 septembre 2025. Notez déjà cette date dans votre calendrier.

La Commission du Vivre-Ensemble s'engage également dans des sujets qui ne font pas tellement rire. De ce fait, et dans le cadre de la Journée internationale des droits des femmes et en

collaboration avec la commune et la fondation Maison de la Porte Ouverte, la Commission a organisé le vernissage « Derrière les chiffres » de l'illustratrice Fanny Vella dans les locaux de la commune. Ce vernissage met en lumière les femmes victimes de féminicides et rend hommage aux femmes, filles et copines qui se trouvent derrière les statistiques et qui ne doivent pas être oubliées.

Un autre événement festif pour réunir les citoyens de la commune a été organisé le 30 mars 2025! Dans le cadre du Télévie, pour lequel la commune de Koerich est un centre de promesse, la Commission a offert un buffet selon la devise « Pour le Télévie – à travers le monde ». Les citoyens de la commune ont pu goûter des spécialités de différentes cultures : luxembourgeoise, française, grecque, portugaise, polonaise, roumaine, indienne, etc. L'intégralité des recettes de cet événement a été reversée au Télévie.

La Commission du Vivre-Ensemble a encore beaucoup d'idées et d'ambitions pour l'avenir. Laissez-vous surprendre.

Si vous avez des questions ou des préoccupations, n'hésitez pas à contacter la Commission du Vivre-Ensemble par courriel communication@koerich.lu ou contactez directement la commune qui nous transmettra votre demande.



Kommissioun vum Zesummeliewen



Kommissioun vum Zesummeliewen

Dir sidd Allenzwee aktiv an dësem neie Projet, deen d'Maison Relais an d'Jugendhaus méi no beienee bréngt. Wat war d'Iddi hannendrun?

Caty: Mir hu festgestallt, dass vill Kanner, déi an der Maison Relais sinn, net direkt den Uschloss un d'Jugendhaus fannen. Déi Transitioun ass net fir all Kand einfach. Duerch dëse Projet gi mir hinnen d'Méiglechkeet, sech schonn e bësse mat der Dynamik am Jugendhaus vertraut ze maachen. D'Jugend, déi scho méi laang do ass, spillt eng wichteg Roll dobäi.

Almir: Genau! Mir gesinn, dass d'Kanner vun der Maison Relais sech méi trauen, wann se mat enger Grupp dohinner ginn an net eleng. Déi Grouss hëllef de Klengen, erkläre Saachen, an dat mécht et fir jiddere méi einfach. Et ass net nëmmen eng Plaz fir ofzeschalten, mee och fir zesummen ze léieren an sech ze entwéckelen.

Wat gesitt dir als déi gréisste Virdeeler vun dësem Projet?

Caty: Mir gesinn dass séit dem mir dat maache méi Kanner sech trauen an d'Jugendhaus ze kommen. Virun dësem Projet waren et haaptsächlech Jugendlecher ab 14 Joer, mee elo trauen sech och Kanner ab 11 Joer dohinner. Se ginn doduerch och besser op d'Zäit no der Maison Relais virbereet.

Almir: Eppes wat mir immens opfällt, ass wéi staark d'sozial Dynamik tëscht de Kanner funktionéiert. Wann ee Kand net wëll raumen oder sech net un eng Reegel hält, soen déi méi Grouss: «Komm, mir maachen dat zesummen». Dat huet en enormen Impakt! Se léiere Verantwortung ze iwwerhuelen, an dat ass eppes, wat een an der Schoul oder doheem net esou einfach bäibruecht kritt.

Gëtt et och Erausforderungen oder negativ Aspekter?

Caty: Bis elo hu mir keng negativ Aspekter festgestallt. Wat eis awer opfällt, ass dass verschidden Elteren hir Kanner nach net an d'Jugendhaus goe loossen, vläicht wéinst dem Altersënnerschied oder well se net genau wëssen, wéi et do ofleeft.

Almir: Jo, dat ass eppes wat mir nach missten erklären. Mee am grouse Ganzen ass d'Nofro enorm! Eis Plaz ass limitéiert mee mir gesinn dass ëmmer méi jonk Kanner interesséiert sinn.

Wéi hëllef den déi méi Grouss de méi Jonken?

Caty: Se sinn eng Aart Mentor. Wann e méi Jonken eng Fro huet – zum Beispill iwwer kierperlech Verännerungen an der Pubertéit – kënnen déi méi Grouss drop agoen. Se schwätzen ënnerteneen, an et ass vill méi authentesch wéi wann eng erwuesse Persoun hinnen dat erklärt.

INTERVIEW

ENG BRÉCK TËSCHT

DER MAISON RELAIS
AN DEM JUGENDHAUS

En Interview gehal vum Freymann Chris
mam Caty vum Jugendhaus
an mam Almir vun der Maison Relais.

Almir: An et geet net nëmmen ëm Froen, mee och ëm Hëllef am Alldag. Wa Konfliktéiertstinn, gesinnehofft, dass déi méi Grouss d'Gespréich sichen an hëllef, d'Situatioun ze berouegen. Dat ass eppes wat een net forcéiere kann – dat kënnt ganz natierlech.

Wat ass déi nächst Etapp vum Projet?

Caty: Mir plangen dass d'Maison Relais, mam Grupp deen an d'Jugendhaus geet, deemnächst eng Aktivitéit am Altersheem mécht. Duerch sou sozial Interaktiounen léieren d'Kanner och mat anere Generatiounen ëmzegen.

Almir: An eise Psy Up, eng Psychologin, kënnt eemol de Mount, fir d'Dynamik an der Grupp ze analyséieren an ze kucken, ob eenzel Kanner méi Ënnerstëtzung brauchen. Déi individuell Gespréicher kënnen och hëllef, wa Problemer optrieden.

Firwat ass den Donneschdeg esou beléift?

Caty: Donneschdes ass super, well et kuerz virum Weekend ass, an déi Jonk sech drop freeën, nach eppes Cooles ze maachen. Et gëtt bal e «Freides-Gefill», wat dozou bäidréit, dass se motivéiert sinn ze kommen.

Almir: Jo, et ass e flotte Rhythmus, an et hëllef de Kanner, sech op de Weekend ze freeën an d'Woch gutt ofzeschleissen.

Hutt dir nach e Message un d'Elteren oder d'Kanner, déi sech net sécher sinn, ob dëse Projet eppes fir si ass?

Caty: Gitt der Saach einfach eng Chance! Mir gesinn, wéi gutt et funktionéiert, a wéi positiv d'Entwécklung vun de Kanner ass. D'Jugendhaus ass net just eng Plaz fir "grouss" Kanner, mä fir all Jonken, deen sech wuel fillen a sech entwéckele wëll.

Almir: Jo genau, et ass een ëmmer Wëllkomm, egal wéi al een ass. Mir gesi wéi déi Grouss de méi Klengen a villen Hisiichten hëllef.



JUGENDHAUS KÄERCH

PERIOD Januar - Abrëll

Déi éischt dräi Méint vum Joer 2025 ware gepräagt vu ville spannende Momenter an Aktivitéiten, déi d'Jugendhaus Käerch nach méi zu engem liewegen Treffpunkt fir Jonker gemaach hunn.

Nei Mataarbechterin am Team:

Mir hunn d'Joer mat engem positiven Neistart ugefaangen. Den 15. Januar 2025 huet d'Anna Mohr als nei Mataarbechterin am Jugendhaus Käerch ugefaangen. D'Equippe vum Jugendhaus Käerch besteet aus zwou Fraen déi engagéiert zesumme mat de Jugendlecher schaffen.



Reegelméisseg a speziell Aktivitéiten:

D'Jugendhaus huet och an dësem Trimester vill divers Aktivitéiten ugebueden, déi jonker a méi eeler Generatioun zesummebruecht hunn. Besonnesch d'Freides-Kachaktivitéiten sinn en Highlight bliwwen, wou Jonker zesumme kachen, baken, laachen a genéissen.

Doriwwer eraus hate mir e puer flott méi grouss Aktivitéiten, déi fir vill Begeescherung gesuergt hunn:

Bowling a KoJump, déi d'Beweegung an d'Gruppendynamik gestärkt hunn.

Zesummenaarbecht mat der Maison Relais

Donneschdeg als festen Dag: Besonnesch d'Zesummenaarbecht mat der Maison Relais huet sech wieder gefestegt.

All Donneschdeg hu mir d'Kanner aus der Maison Relais am Jugendhaus empfaangen, wou si d'Méiglechkeet haten, d'Struktur an déi méi eeler Jonker besser kennenzelieren.

E Spillnomëtteg, wou Spiller, Spaass a Gemeinschaft am Méttelpunkt waren:

Valentine's Dinner, déi d'Jugendlecher mat vill Kreativitéit a Léift matgestalt hunn.

Dës Méint hunn eis gewisen, wéi wichteg et ass, eng Plaz fir Jonker ze hunn, wou si sech entfalen, nei Erfarunge sammelen a mateneen eist Jugendhaus lieweg halen.





Mir freeën eis op déi nächst Méint, mat nach méi spannenden Projeten a flott Aktivitéiten oder Zesummenaarbechten. Hei ass schonn en éischte Bléck op dat, wat kënnt – markéiert iech dës Datumen, well et gëtt epesch....

Projeten & Themen:

- Fit fir d'Zukunft
- Zesummesetzung vun engem Jugendfitnessraum.
- Gemeinsam fir Respekt, Mobbing als Thema.
- Ënneren Kompass – Self Love.
- Zukunftsnavigator – E Schratt an dat eegent Liewen.

Event-Highlights:

Nuetsmaart 16. Mee:

Mir stinn net nëmme ronderëm, mee droe mam Jugendhaus aktiv dozou bäi – a jo, eis berüümt Panecher, Kaffi a Schocki fannt dir den Owend och.

Porte Ouverte Jugendhaus 24. Mee:

D'Jugendhaus entdecken.

Nuit du Sport 14. Juni :

Den Daach wou mir all op eemol professionell Athlete sinn (oder op mannst gutt ausgesinn)

Beautfiul Decay am Juli:

E Festival, dee wéi säin Numm schéin an onvergiesslech.

Meet and Greet am September:

Nei Leit kenneléieren an al Frëndschaften verdéiwen

Dat kléngt no engem geniale Summer an eng super Zäit am Jugendhaus? Dann sidd mat dobäi.

Contact

Pinto Caty

621 823 171

caty.pinto@croix-rouge.lu

Anna Mohr

621 822 744

anna.mohr@croix-rouge.lu



Adresse

7, rue de l'École L-8358 Goebblange

Öffnungszeiten

Méindes	Zou
Dënschden	14 bis 19 Auer
Mëttwoch	15 bis 20 Auer
Donneschden	14 bis 19 Auer
Freiden	16 bis 22 Auer
Samschden	14 bis 18 Auer
Sonnden	Zou

Öffnungszeiten kënnen variéieren jee no Aktivitéit an bei Ufro kënnen och Eenzelgesprécher virun oder no den Öffnungszeiten ugefrot ginn.

KÄERCHER VERÄINER

D'KÄERCHER SCHLASSFRËNN, *méi wéi e Veräin!*



LU

Engagement fir eis historesch Ierfschaft

D'Asbl "Käercher Schlassfrënn" gouf den 23. September 1993 vun engem Grupp engagéierte Bierger gegrënnt. Hiert Zil ass den Erhalt, d'Restauratioun an d'Valorisatioun vum Gréiweschlass zu Käerch.

D'Initiativ ass entstanen, well sech d'Leit ëmmer méi bewosst gi sinn, datt d'Schlass, obwuel et säit 1938 als nationaalt Monument klasséiert ass, méi a méi verfall ass. Dank dem Engagement vun de Memberen an der Zesummenaarbecht mat öffentlichen Institutionen huet sech de Veräin an de folgende Joren zu engem wichtigen Akteur an der kultureller Opwärtung vun der Region entwéckelt.

Éischt Erfolleger an éischt Manifestatiounen

Den 25. September 1994 konnt een d'Schlass fir déi éischte Kéier an senger 750-järegger Geschicht beliicht bewonneren. Dëst war e symbolesche Moment fir d'Neibelierung an d'Revalorisatioun vum Site. Duerch d'Jore konnt de Veräin sech als een Hauptacteur am kulturelle Liewen zu Käerch a ronderëm etabléieren.

D'Entstoe vun de "Les Concerts de Koerich"

Eng weider wichteg Initiativ vun de "Käercher Schlassfrënn" war d'Schafung vun der Concertserie "Les Concerts de Koerich", déi den 1. Oktober 1995 mat engem Concert vum Kammerorchester Nuove Musiche lancéiert gouf. Dës Concerten, déi an der prächtiger Kierch Sankt Remigius zu Käerch ofgehalen goufen, hunn sech séier zu enger unerkannter kultureller Serie entwéckelt an hunn zënter 1995 am Ganze 99 Concerten op d'Bee gesat.

D'Kierch mat hirer historischer Ambiance a gudder Akustik war e perfekte Kader fir dës Eventer. Mat der Ënnerstëtzung vum Kulturministère, der Gemeng an de private Sponsoren gouf d'Serie e vollen Erfolleg.





D'Jubiläumsjoer 2004/2005

Am Jubiläumsjoer 2004 huet de Veräin säin 10. Gebuertsdag mat verschiddene spezielle Manifestatioune gefeiert. An dësem Joer goufe "Les Concerts de Koerich" vu véier op siwen Concerten ausgebaut. D'zénzt Saison gouf ageleet mat enger Performance vum Ensemble "Tempus est iocundum" ënnert der Leedung vum Johnny Fritz, dee Musek aus der italienescher a spuenescher Renaissance presentéiert huet.

Zousätzlech gouf den 31. Oktober an den 1. November 2004 eng Ausstellung vun ale Käercher Postkaarte zesumme mat de "Gëtzer Fotosfrënn" organiséiert. Privatsammler hunn hir Kollektionen zur Verfügung gestallt fir eng méiglechst ëmfaassend historesch Sammlung ze präsentéieren.



D'Mëttelalterfest "Tempus Mediaevale"

Een Highlight vun de Käercher Schlassfrënn ass d'Mëttelalterfest "Tempus Mediaevale", dat säit 2004 am September (mat e puer Ënnerbriechungen) Dausende vu Visiteuren op Käerch gezunn huet.

D'Zil ass et eng authentesch mëttelalterlech Atmosphär ze schafen an de Visiteuren eng emoleg kulturell Erfahrung ze bidden. D'Gréiweschlass ass de perfekte Kader fir dëst Event, dat virun allem Familljen a Kanner beegeschtert.

De nächsten "Tempus Mediaevale" ass den 20. a 21. September 2025 an ewéi an de vergaangene Jore ass den Entrée gratis.



Den 13. September 2019 – Feierlech Aweigung vum Gréiweschlass

No iwwer 10 Joer intensive Renovatiounsarbechte gouf dat 750 Joer aalt Gréiweschlass de 13. September 2019 offiziell ageweit. D'Arbechten hunn 2009 offiziell ugefaangen, als Resultat vum laangjäreg Asaz vun de Käercher Schlassfrënn, déi sech säit 1993 fir den Erhalt vum Schlass agesat hunn.

D'Zil war, d'Schlass fir kulturell Zwecker opzemaachen, ouni d'historesch Struktur dauerhaft ze veränneren.

D'Feierlechkeeten hunn zeng Deeg kulturell Manifestatioune mat Filmer, Concerten, Liesungen a Konferenzen iwwer d'Geschicht an d'Architektur vum Schlass gebueden. D'Architektin Tatiana Fabeck huet besonnesch Wäert drop geluecht, dass all d'Agrëffer reversibel sinn, fir datt zukünfteg Generatiounen de Areal weiterentwéckele kënnen.

Insgesamt goufen 6,9 Milliounen Euro an d'Restauratioun investéiert.

D'offiziell Aweigung gouf mat 550 Invitée gefeiert, begleet vu Riedner vun der Gemeng an dem Kulturministère souwéi Museksoptrëtter vun der Cellistin Nora Braun mam Geiespiller Constantin Riccardi a vun der Käercher Musek.

E speziell fir dës Geleeënheet komponéiert Museksstéck "Château de Koerich" gouf fir d'éischt opgefëiert.



KÄERCHER VERÄINER

D'KÄERCHER SCHLASSFRËNN, *méi wéi e Veräin!*

De Musekfestival "Beautiful Decay"

Säit 2022 huet déi jonk Generatioun vun de Käercher Schllassfrënn d'kulturell Offer mat dem "Beautiful Decay" Festival erweidert. Dësen Dräideeg-Event am Gréiweschlass verbënnt Musek, Konscht, Gastronomie a Sport a bitt esou en eenzegaartegt Erleefnes fir all Alter.

Musek: Iwwer 20 Kënschtler vu verschiddene Genren trieden op, mat engem Fokus op opstriedend lëtzebuergesch an international Bands.

Konscht: En Handwierksduerf mat nationalen a regionale Kënschtler.

Gastronomie: Internationaalt Iessen an exklusiv Wäiner vun der Musel.

Sport: Yoga-Coursen a sportlech Aktivitéiten.

Kannerfestival: Spiller, Sprangschlässer an Hausmaacher-Glace fir déi Kleng.

D'nächst Editioun ass vum 11. bis den 13. Juli 2025.

Fazit – D'Bedeutung vum Veräin

Säit senger Grënnung 1993 hu sech d'Käercher Schllassfrënn net nëmmen ëm d'Erhale vum historesche Schlass bekëmmert, mee och ëm d'kulturellt Liewe ronderëm.

Mat "Les Concerts de Koerich", dem "Tempus Mediaevale" an dem "Beautiful Decay", dréit de Veräin dozou bäi, d'Kultur an d'Geschicht vu Käerch ze verbreedden.

Dank dem onermiddlechen Engagement vun de Memberen an der Ënnerstëtzung vun der ëffentlecher Hand souwéi vu private Sponsoren konnt de Veräin bedeitend Meilesteng setzen an seng Missioun weiderféieren: den Erhalt, d'Neibeliewung an d'Förderung vum kulturellen Ierwe vu Käerch.



Ënnerstëtzt d'Käercher Schllassfrënn
mat engem Virement vu minimum 10 €
op den CCPL LU60 1111 1153 4007 0000
vun de «Käercher Schllassfrënn»
oder bezuelt mat payconiq

Payez mobile avec
payconiq



 Käercher Schllassfrënn

 Käercher Schllassfrënn



Deutsch



Français



English

KÄERCHER VERÄINER

SENIOREN TREFF

Dir huet déi 50 Joer iwwerschritt an endlech Fräizäit, dann huet Dir Méiglechkeet Iech am Senioren Treff A.s.b.l. Gemeng Käerch anzuschreien, do wou Dir eng sozial staark Bindung kennt opbauen.

Eise Rot ass ganz kloer:

Maacht mat, entdeckt Neies a bleift jonk am Geescht, well eng staark sozial Bindung huet e groussen Afloss op Äert Wuelbefannen. Profitéiert einfach vun engem relaxen an ongezwongene Kader. Dir huet d'Méiglechkeet nei Leit kennen ze léieren, nei Erfahrungen ze sammelen, un eise verschiddenen Aktivitéiten deel ze huelen, an Iech kierperlech a gescheeteg fit ze halen.

Eis Aktivitéite vun dësem Joer

all 14 Deeg Mëttwochs ab 13:30 Auer geselleg Treffen,

- 11. Juni e kulturellen Ausflug,
- 3. September eist traditionellt Grillfest,
- 17. September spille mir Bingo,
- den 12. November kritt Dir ërem eise selwer agemaachten Hierken zerwéiert.
- 10. Dezember schlësse mir d'Joer of mat eiser Chrëschtfeier wou och eis Gebuertsdag Membere vun dësem Joer geéiert ginn.

Boule spille mir dëschdes a freides

vum 2. Mee bis den 30. September ab 18:00 Auer
vum 3. Oktober bis den 28. November ab 14:30 Auer

Festsall Käerch
1, rue Fockeschlass
L-8686 Koerich



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar - Abrëll

17.01 APRÈS-SKI TÉLÉVIE

LU

De 17. Januar huet den Télévie Comité Käerch op eng flott Après-Ski Party um Gemengeparking invitéiert. Bei gudder Musek, waarmem Gedrénks a vill gudder Laun hunn d'Gäschte zesumme gefeiert an de Wanter richteg genoss. Den Erléis war fir den Télévie.

FR

Le 17 janvier, le comité Télévie Käerch a organisé une joyeuse soirée Après-Ski sur le parking communal. Dans une ambiance chaleureuse, les participants ont pu profiter de bonne musique, de boissons chaudes et d'un moment convivial. Les recettes étaient destinées au Télévie.

EN

On January 17th, the Télévie Käerch committee hosted a lively Après-Ski Party on the communal parking lot. Guests enjoyed good music, warm drinks, and a festive winter atmosphere together. The proceeds were for Télévie.



ORGANISATIOUN

Comité Télévie Käerch



Relations publiques



Relations publiques



Gemengeplaz



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar - Abrëll

20.01

NEIJOERSCHPATT GEMENGEPERSONAL

LU

Am Kader vum traditionellen Neijoerschpatt huet de Schännerot d'Gemengepersonal, d'Veräiner, d'Kommissiounen souwéi de Gemengerot begréisst. Den 1. Schäffen Norbert Welu huet an enger kuerzer Ried d'Geleeënheet genotzt, fir de Gäscht alles Guddes fir dat neit Joer ze wënschen.

FR

À l'occasion du traditionnel verre de Nouvel An, le collège échevinal a accueilli le personnel communal, les associations, les commissions ainsi que le conseil communal. Le premier échevin, Norbert Welu, a profité de l'occasion pour adresser quelques mots aux invités et leur présenter ses vœux pour la nouvelle année.

EN

At the traditional New Year's reception, the board of aldermen welcomed the municipal staff, the associations, the commissions, and the municipal council. First alderman Norbert Welu took the opportunity to address the guests and wish them all the best for the new year.

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch



Relations publiques



Relations publiques



Käerch





RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar-Abrëll

25.01

JUMP THE CASTLE

LU

Am Kader vum Evenement «Jump The Castle» stoung d'Sportshal zu Käerch ganz am Zeeche vun de Sprangschlässer. 13 verschidde Modeller hunn de Kanner vill Geleeënheet gebueden, sech auszotoben. De Service Régie huet fir den Opbau an Ofbau gesuergt, während de FC Käerch d'Buvette an de Grill assuréiert huet. E grouse Merci un all déi, déi dësen Dag mat hirer Ënnerstëtzung méiglech gemaach hunn. Den Erléis war fir den Télévie.

FR

Dans le cadre de l'événement «Jump The Castle», la salle de sport de Koerich était entièrement dédiée aux châteaux gonflables. Treize structures différentes ont permis aux enfants de s'amuser pleinement. Le Service Régie a assuré l'installation et la désinstallation, tandis que le FC Käerch s'est chargé de la buvette et du grill. Un grand merci à tous ceux qui ont contribué à la réussite de cette journée. Les recettes étaient destinées au Télévie.

EN

As part of the «Jump The Castle» event, the sports hall in Koerich was dedicated to bouncy castles. Thirteen different structures gave children plenty of opportunity for fun and play. The Service Régie handled the setup, while FC Käerch provided the bar and grill. A big thank you to everyone who helped make this day possible. The proceeds were for Télévie.

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch



Service relations publiques



Service relations publiques



Sportshal zu Käerch



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar-Abrell

07.02

RACLETTE OPEN AIR

LU

Wéi et am Hierscht geheet huet, dass d'Käercher Gemeng 2025 e Centre de Promesses vum Télévie wier, hu mir als Gieweler Holzknacker net laang gezéckt an eis direkt Iddi'en duerch de Kapp goe gelooss, wéi mir eisen Deel zu dëser wichteger Initiativ kënne bäidroen.

Wa mir alleguer och nëmme bëssen zur Kriibsfuerschung bäidroen, da kënne mir all zesumme vill bewierken. Mir wollten Alles dru setzen, fir den Télévie sou gutt wéi méiglech ze ënnerstëtzen.

Net laang dono, stoung de Plang och schonn, fir eng grouss Open-Air Raclette-Party ob d'Been ze setzen. Sou wéi et sech fir en Traditionns-Familljebetrieb gehéiert, hunn eis Mataarbechter, grad esou wéi eis Familljen a Frënn, eis vun Ufank un, ouni ze zécken ënnerstëtzt. Eise Partner, Kirsch, le Boucher huet och direkt zougestëmmt fir mat an d'Boot ze klammen. Eng Raclette ob Holzkuellgriller, an enger gemittlecher Stëmmung ënner fräiem Himmel gouf et an där Form an eiser Regioun nach net, an d'Ëmsetzung vun dëser neier Iddi sollt grouss opgezu ginn...

D'Präparatioun sinn ugelaaf, an den Owend war séier ausgebucht. Iwwer 200 Leit sinn de 7. Februar bei eis um Haff zesumme komm, a mir kënne hounn soen, dass eist Event e volle Succès war. Mir sinn dankbar, dass d'Leit esou räichlech présent waren a sech gutt ameséiert hunn. All Eenzelne soe mir vun Häerze Merci. Dir waart eng immens flott, lëschtteg an ënnerstëtzend Gesellschaft.

Fir, dass dëst Evenement awer esou reiwungslos konnt stattfannen hu mir eis konnten ob d'Hëllef vun eise Familljen, eise Frënn, Noperen a Bekannter mat Betriber verloossen. Ouni si wier dat Ganz net méiglech gewiescht an heimat wëlle mir hinnen e grouse Merci ausschwätzen. Da wëlle mir awer och dem Gemengerot an de Mengenaarbechter Merci soen. Et war selbstverständlech fir si, dass si eis Material zur Verfügung gestallt hunn. Genauso, wéi d'Aarbechter eis och beim op- an ofriichten ënnert d'Äerm gegräff hunn. Schlussendlech, hunn si sech et all net huele gelooss, dësen Owend zesumme mat eis ze verbréngen.

Hand an Hand kënne mir vill erreechen. Als Famill, als Betrib, als Matbierger an als Gemeng.

Ofschléissend, kënne mir dem Télévie de 26.04.2025 mat Stolz e Check iwwerreechen, deen eis selwer iwwerwältigt, a woumat mir net gerechent haten.



ORGANISATION

Gieweler Holzknacker & Kirsch le boucher

Gieweler Holzknacker

Gieweler Holzknacker

Giewel

RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar-Abrëll

08.02 SPILL NOMËTTEN

LU

Am Kader vum Spillnomëtten haten d'Gäschd d'Geleeënheet, eng Rei flott Gesellschaftsspiller an enger frëndlecher Atmosphär kennen ze léieren. Fir déi spannend Auswiel u Spiller an déi gutt Stëmmung huet Social Gaming gesuergt. Organiséiert a preparéiert gouf den Nomëtteg vun der Sport- a Fräizäitkommissioun zesumme mat der Gemeng Käerch. E grouse Merci un all déi, déi mat derbäi waren a fir e flotten Dag gesuergt hunn.

FR

Lors de notre après-midi jeux de société, les participants ont pu découvrir de nombreux jeux dans une ambiance conviviale. Merci à Social Gaming pour la sélection de jeux passionnants et l'ambiance chaleureuse. L'organisation et la préparation de cet événement ont été assurées par la Commission des Sports et Loisirs et la Commune de Koerich. Un grand merci à tous ceux qui ont contribué à cette belle journée.

EN

During our board game afternoon, guests had the chance to discover a variety of fun games in a friendly atmosphere. A big thank you to Social Gaming for providing exciting games and a warm atmosphere. The event was organized and prepared by the Sports and Leisure Commission and the Municipality of Koerich. Thank you to everyone who helped make this afternoon a success.



ORGANISATIOUN

Sport- a Fräizäitkommissioun



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar - Abrëll

23.02

KAFFISSTUFF TÉLÉVIE

LU

D'Kaffisstuff, organiséiert vun de Fraen a Mammen am Kader vum Télévie, huet den 23. Februar vill Leit an de Remigius-sall gelackelt. Bei Kaffi, Kuch a gudder Hameschmier gouf vill geschwat, gelaacht an zesumme fir den Télévie gesammelt. Eng schéin Tombola huet de Programm ofgerënnt. E grouse Merci un all déi, déi mat gebak, matgehollef oder einfach laanscht komm sinn!

FR

La «Kaffisstuff», organisée par les Femmes et Mamans dans le cadre du Télévie, a rassemblé de nombreux visiteurs le 23 février dans la salle Saint Rémi. Autour d'un café, de gâteaux et de délicieuses tartines au jambon, l'ambiance était chaleureuse et conviviale. Une tombola a complété l'après-midi. Merci à tous ceux qui ont contribué, de près ou de loin, à la réussite de cette fête solidaire ! taient destinées au Télévie.

EN

The "Kaffisstuff" event, organized by the "Fraen a Mammen" group as part of Télévie, brought many visitors to the Remigius Hall on February 23rd. With coffee, cake, and delicious ham sandwiches, guests enjoyed a warm and friendly afternoon. A lovely tombola added to the atmosphere. A heartfelt thank you to everyone who baked, helped, or simply joined in to support the cause!

ORGANISATIOUN

Fraen & Mammen



RTL



Service relations publiques



Käerch



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar - Abrëll

27.02

AFTERWORK TÉLÉVIE

LU

De Comité Télévie Käerch huet de 27. Februar op en éischten Afterwork an de Festsall invitéiert. An enger entspaanter Atmosphär konnten d'Gäschter Gin-Cocktaile vum Opyos genéissen. Besonneschen Highlight waren déi speziell entworf Gin-Fläschchen am Design vum Télévie, déi fir ee gudden Zweck verkaaft goufen. E grouse Merci un all déi, déi dobäi waren. Den Erléis vun der Soirée gouf un den Télévie gespent.

FR

Le comité Télévie Koerich a organisé un premier afterwork le 27 février dans la salle des fêtes. Dans une ambiance détendue, les invités ont pu savourer des cocktails au gin proposés par Opyos. Un moment fort de la soirée : la vente de bouteilles de gin au design exclusif « Télévie ». Un grand merci à toutes celles et ceux qui ont participé. La recette de la soirée a été reversée au Télévie.

EN

The Télévie Koerich committee hosted its first afterwork on February 27th at the Festsall. In a relaxed setting, guests enjoyed gin cocktails provided by Opyos. A special highlight of the evening was the sale of limited-edition Télévie-branded gin bottles. A big thank you to everyone who joined and supported the event. The proceeds from the evening were donated to Télévie.

ORGANISATION

Comité Télévie Käerch



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch

RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar - Abrëll

06.03

VIRTRAG

MYGUICHET.LU

LU

Am Mäerz huet de Smart Talk zum Thema myguichet.lu stattfonnt, organiséiert vu GoldenMe a mat der Ënnerstëtzung vun der Kommissioun vum drëten Alter. D'Participanten kruten op verständlecher Manéier erkläert, wéi een déi digital Verwaltungsplattformen notze kann – eng Hëllef fir den Alldag méi einfach a méi selbstänneg ze gestalten.

FR

En mars, une séance Smart Talk dédiée à myguichet.lu a eu lieu, organisée par GoldenMe en collaboration avec la Commission du troisième âge. Les participant-e-s ont découvert de manière simple comment utiliser les plateformes administratives numériques afin de faciliter et d'autonomiser leur quotidien.

EN

In March, a Smart Talk session about myguichet.lu took place, organized by GoldenMe in collaboration with the Commission of the Third Age. Participants learned in a clear and simple way how to use digital administration tools to make their daily lives easier and more independent.



ORGANISATIOUN

Kommissioun vum drëten Alter & GoldenMe



Kommissioun vum drëten Alter



Service relations publiques



Käerch



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar-Abrell

08.03

BRENNHOLZ STEE

LU

D'traditionell Brennholzstee zu Käerch huet och dëst Joer vill Leit an den Härebësch gezunn. Bei guddem Wieder an enger geselleger Atmosphär gouf Brennholz gesteet an sech ënnereneen ausgetosch. Organiséiert gouf d'Stee vum Fierschter Ben Louis, a fir Iessen an Drénke war och gesuergt. E grouse Merci un all déi, déi mat gesteet hunn – a speziell un déi, déi fir d'Télévie Kouert mat gesteet hunn.

FR

La traditionnelle vente de bois à Koerich a une fois de plus attiré de nombreux visiteurs dans la forêt du Härebësch. Dans une ambiance conviviale, les participants ont pu enchérir sur du bois et passer un bon moment ensemble. L'événement a été organisé par le garde forestier Ben Louis, avec un service de restauration sur place. Un grand merci à toutes celles et ceux qui ont participé aux enchères – et tout particulièrement à ceux qui ont enchéri pour les lots destinés au Télévie.

EN

The traditional firewood auction in Koerich once again brought many visitors to the Härebësch forest. In a friendly atmosphere, participants placed their bids and enjoyed time together. The event was organized by forester Ben Louis, with food and drinks available on site. A big thank you to everyone who took part in the auction – and especially to those who placed bids on the lots reserved for Télévie.



ORGANISATIOUN

Ben Louis & Gemeng Käerch



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch

RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar-Abrell

08.03

WELTFRAENDAG DERRIÈRE LES CHIFFRES

LU

Am Kader vum Weltfraendag gouf d'Ausstellung „Derrière les chiffres“ am Gemengenhaus zu Käerch ageweit. An Zesummenaarbecht mat der Kommissioun vum Zesummeliewen a mat der Fondation Maison de la Porte Ouverte gouf dësse Vernissage organiséiert. D'Illustratioune weisen op sensibel Aart a Weis, dass hannert all statistescher Zuel eng Liewensgeschicht steet. E grouse Merci un all déi, déi dëst wichtegt Thema ënnerstëtzt hunn. D'Ausstellung war nach bis den 21. Mäerz am Gemengenhaus ze gesinn.

FR

À l'occasion de la Journée internationale des droits des femmes, l'exposition « Derrière les chiffres » a été inaugurée à la maison communale de Koerich. Organisée en collaboration avec la Commission du vivre-ensemble et la Fondation Maison de la Porte Ouverte, cette exposition a rappelé avec sensibilité que derrière chaque chiffre se cache une histoire de vie. Merci à toutes les personnes présentes pour leur engagement. L'exposition est restée visible jusqu'au 21 mars à la maison communale.

EN

To mark International Women's Day, the exhibition “Derrière les chiffres” was inaugurated at the Koerich municipal building. Organized in collaboration with the Commission for Community Living and the Fondation Maison de la Porte Ouverte, it offered a sensitive reminder that behind every statistic lies a life story. Thank you to everyone who supported this meaningful event. The exhibition remained open until March 21.

ORGANISATIOUN

Kommissioun vum Zesummeliewen
& Fondation Maison de la Porte Ouverte

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Gemengenhaus







RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar-Abrell

09.03

BUERGBRENNEN KÄERCH

LU

Vill Leit hunn um Buergbrennen 2025 zu Käerch deelgeholl, fir d'Enn vum Wanter symbolesch ze feieren an d'Fréijoer ze begréissen. Vum Fakelzuch bis zum Entzünde vun der Buerg stoung den Owend ganz am Zeeche vu gudder Stëmmung a Musek an och fir Iessen a Gedrénks war gutt gesuergt. E grouse Merci un all déi, déi mat dobäi waren, an un d'Pompjeeë vu Giewel fir d'Organisatioun vun dëser Traditioun.

FR

Le Buergbrennen 2025 à Koerich a rassemblé de nombreux participants venus célébrer symboliquement la fin de l'hiver et accueillir le printemps. De la marche aux flambeaux à l'embrasement de la Buerg, la soirée s'est déroulée dans une ambiance conviviale avec musique – et une restauration bien assurée. Un grand merci à toutes les personnes présentes, ainsi qu'aux pompiers de Goeblange pour l'organisation de cette tradition.

EN

The 2025 Buergbrennen in Koerich brought together many participants to symbolically mark the end of winter and welcome spring. From the torchlight procession to the lighting of the «Buerg», the evening featured great music and a friendly atmosphere – with food and drinks well provided. Many thanks to everyone who joined us and to the Goeblange firefighters for organizing this tradition.

ORGANISATIOUN

Gieweler Pompjeeën



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch







RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar-Abrëll

15.03

AUDITIOUN UGDA

LU

Bei der UGDA-Auditioun 2025 hunn d'Schüler vun der Musekschoul hir musikalesch Entwécklung presentéiert a mat flotte Stécker fir eng besonnesch Atmosphär gesuergt. Am Kader vun dësem musikaleschen Nomëtte gouf och d'Zertifikat-an Diplomiwwerreechung fir d'Saison 2023/2024 gefeiert. E grouse Merci geet un d'Ecole de musique de l'UGDA, d'Käercher Musek an un all déi, déi bei der Organisatioun gehollef hunn – souwéi un déi jonk Museker, déi dësen Dag besonnesch gemaach hunn.

FR

Lors de l'audition UGDA 2025, les élèves de l'école de musique ont présenté leurs progrès et partagé leur passion avec le public à travers de belles prestations. La remise des certificats et diplômes de la saison 2023/2024 a également été célébrée dans ce cadre. Un grand merci à l'Ecole de musique de l'UGDA, à la Käercher Musek, ainsi qu'à toutes les personnes ayant contribué à l'organisation, sans oublier nos jeunes musiciens qui ont fait de cette journée un beau moment.

EN

At the UGDA 2025 audition, students from the music school presented their progress and shared their passion through a series of beautiful performances. The afternoon also included the certificate and diploma ceremony for the 2023/2024 season. A heartfelt thank you to the Ecole de musique de l'UGDA, the Käercher Musek, and everyone involved in organizing the event – and especially to the young musicians who made the day so special.

ORGANISATIOUN

Gemeng Käerch mat der UGDA

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Sportshal zu Käerch

RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar - Abrëll

21.03 - 23.03

NUETSKAVALKAD KÄERCH

LU

Wat eng Stëmmung zu Käerch bei der éischter Nuetskavalkad! 31 Ween hunn d'Stroossen an e richtegt Fest verwandelt. Virdru waren och ronn 100 Kanner beim Kannerlaf derbäi – organiséiert vun der Sport- a Fräizäitkommissioun.

A fir de gudde Schluss: e flotte Fuesbal an der Maison Relais, wou d'Kanner mat Kostümer, gutt gefeiert hunn – en Highlight war och de mageschen Optrëtt vum David Goldrake!

E grouse Merci un de Stamminee Ronnen Dësch fir dës flott Initiativ, un d'Gemeng Käerch an un all déi, déi dësen Owend méiglech gemaach hunn. A Merci och un all déi vill Leit, déi laanscht komm sinn!

FR

Ambiance garantie à Koerich pour la toute première cavalcade nocturne ! 31 chars ont animé les rues dans une ambiance festive. Avant cela, environ 100 enfants ont participé à la course enfants, organisée par la Commission des Sports et Loisirs.

Et pour clôturer la soirée : un bal de carnaval joyeux à la Maison Relais, où les enfants déguisés ont dansé, ri et profité – avec un clin d'œil magique au souvenir du spectacle de David Goldrake !

Merci au Stamminee Ronnen Desch pour cette belle initiative, à la Commune de Koerich et à toutes les personnes qui ont rendu cette soirée possible. Et bien sûr, merci à tous ceux qui étaient présents !

EN

What a great evening in Koerich for the first night cavalcade! 31 floats brought life to the streets and turned it into a real celebration. Before that, around 100 children joined the kids' run, organized by the Sports Commission.

And to wrap up the evening: a joyful carnival party at the Maison Relais! The kids celebrated in costumes, with dancing and laughter – and some magical memories of the David Goldrake performance still in the air!

A big thank you to Stamminee Ronnen Desch for this wonderful initiative, to the Municipality of Koerich, and to everyone who helped make it happen. And of course, thanks to everyone who came out and joined us!









ORGANISATION

Stamminee Ronnen Dësch & Gemeng Käerch

 Service relations publiques

 Service relations publiques

 Käerch





ORGANISATION

Sport- a Fräizäitkommissioun



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch

RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar - Abrëll

24.03 SPORTLERÉIERUNG 2025

LU

Am Kader vun der Sportleréierung vum 24. Mäerz am Festsall goufen déi bedeitend Leeschtunge vun der Saison 2023–2024 géieert. Insgesamt goufe 7 eenzel Sportler an 3 Ekippe fir hiren Asaz an hir Leeschtungen ausgezeechent. D’Gemeng zéit den Hutt virun hinnen a wënscht hinne vill Erfolleg fir déi nächst Saison.

FR

Lors de la cérémonie de mérite sportif qui s’est tenue le 24 mars dans la salle des fêtes, les performances marquantes de la saison 2023–2024 ont été mises à l’honneur. Au total, 7 sportifs et 3 équipes ont été récompensés pour leur engagement. La Commune leur adresse ses félicitations et leur souhaite plein succès pour la saison à venir.

EN

At the athlete honoring ceremony held on March 24th in the event hall, the achievements of the 2023–2024 season were celebrated. In total, 7 individual athletes and 3 teams were honored for their dedication and performance. The Municipality congratulates them and wishes them every success in the upcoming season.



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar - Abrëll

27.03

AFTERWORK TÉLÉVIE

LU

De 27. Mäerz huet de Comité Télévie Käerch eng zweet Editioun vum Afterwork am Festsall organiséiert. Dëst Kéier huet de Ronny vun der Brasserie Beim Nico fir eng flott Atmosphär gesuergt mat sengen originelle Cocktails. Et war e gelongen Owend. Den Erléis vun dësem Owend gouf un den Télévie gespent. Villmools Merci un all déi, déi mat dobäi waren!

FR

Le 27 mars, le comité Télévie Koerich a organisé une deuxième édition de l'afterwork dans la salle des fêtes. Cette fois, c'est Ronny de la Brasserie Beim Nico qui a régalié les participants avec ses cocktails originaux. La soirée a été conviviale et réussie. La recette de l'événement a été versée au Télévie. Merci à toutes les personnes présentes !

EN

On March 27th, the Télévie Koerich committee hosted a second afterwork at the Festsall. This time, Ronny from Brasserie Beim Nico delighted guests with his creative cocktails in a lively setting. It was a sociable and enjoyable evening. The proceeds from the event were donated to Télévie. Many thanks to everyone who joined us!



ORGANISATIOUN

Comité Télévie Käerch



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch

RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar-Abrëll

29.03 GROSS BOTZ

LU

E grouss Merci un all déi vill Hänn, déi sech un der Grouss Botz 2025 bedeelegt hunn. Mat vill Engagement gouf an der Gemeng opgeräumt a propper gemaach – eng schéin Aktioun fir eis Ëmwelt an eise gemeinsame Liewensraum. E spezielle Merci och un eis Gemengenaarbechter fir hiren Asaz an d'Organisatioun vum Grill.

FR

Un grand merci à toutes les personnes qui ont participé à la Grouss Botz 2025. Grâce à cet engagement collectif, notre commune a retrouvé un coup de propre – un beau geste pour notre environnement et notre cadre de vie. Merci également à notre atelier communal pour son engagement et l'organisation du barbecue.

EN

A big thank you to everyone who took part in the 2025 Grouss Botz. Thanks to this collective effort, our municipality was cleaned up and refreshed – a great contribution to our environment and shared living space. Special thanks also go to our municipal workers for their support and for organizing the barbecue.

ORGANISATIOUN

Ëmweltkommissioun



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch









ORGANISATION

Kommissioun vum Zesummeliewen



Service relations publiques



Service relations publiques



Käerch

RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar-Abrëll

30.03

FIR DEN TÉLÉVIE DUERCH D'WELT

LU

Ënnert dem Motto „Fir den Télévie duerch d'Welt“ huet den 30. Mäerz am Festsall zu Käerch eng besonnesch Aktioun stattfonnt. D'Gäschd konnte Spezialitéiten aus ville verschiddene Kulturen (dorënner lëtzebuergesch, franséisch, griiches, italieenesch, portugisesch, polnesch, rumänesch, indes, mexikanesch a vietnameesesch) entdecken an zesumme fir e gudden Zweck genéissen.

D'Evenement gouf an Zesummenaarbecht mat der Kommissioun vum Zesummeliewen organiséiert. E grouse Merci geet un all déi, déi mat vill Häerzblutt gekacht hunn, un d'Entreprises, déi Präisser fir d'Tombola gestëft hunn, an un d'Firma Kirsch fir d'Bereetstelle vun de Bain-marien an engem Uewen. Eng Aktioun mat vill Engagement a gudder Stëmmung – den Erléis war fir den Télévie.


FR

Sous le thème « Pour le Télévie à travers le monde », une belle action solidaire a eu lieu le 30 mars dans la salle des fêtes de Koerich. Les invités ont pu découvrir des spécialités de nombreuses cultures – luxembourgeoise, française, grecque, italienne, portugaise, polonaise, roumaine, indienne, mexicaine et vietnamienne – dans une ambiance chaleureuse et généreuse.

L'événement a été organisé en collaboration avec la Commission du vivre ensemble. Un grand merci à toutes les personnes qui ont cuisiné avec passion, aux entreprises ayant offert des lots pour la tombola, ainsi qu'à la société Kirsch pour la mise à disposition des bains-marie et du four. Une action pleine d'engagement et de convivialité – dont les recettes sont intégralement destinées au Télévie.

EN

Under the theme “For Télévie around the world,” a heartfelt and flavorful event took place on March 30th in the Koerich event hall. Guests were invited to sample culinary specialties from a wide range of cultures – including Luxembourgish, French, Greek, Italian, Portuguese, Polish, Romanian, Indian, Mexican, and Vietnamese – all while supporting a good cause. The event was organized in collaboration with the Commission for Community Living. A sincere thank you goes to all who cooked with care, to the businesses who donated prizes for the tombola, and to Kirsch for providing the bain-marie warmers and oven. An event full of commitment and good spirit – with all proceeds going to Télévie.



RÉCKBLÉCK MANIFESTATIOUNEN

PERIOD Januar-Abriell

04.04

PROMI DINNER

LU

Beim Promi-Dinner hunn d'Gäschte e kulinarische Menü genoss, zerwéiert vun enger Rëtsch bekannte Gesichter, déi mat vill Freed an Engagement zerwéiert hunn. E grouse Merci geet un de Cactus an de Schnékert fir d'essen, un eis Promien, an un all déi, déi am Hannergrond matgeholfen hunn. E spezielle Merci och un de Mike Poiré, de Buergermeeschter vu Mertzig, fir seng musikalesch Begleedung um Piano. Den Erléis war fir den Télévie bestëmmt.

FR

